PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Op Basis vun der ISO-Norm 15118 gouf de sougenannte Plug&Charge-System opgebaut. Dëse System erméiglecht et, dass Besëtzer vun E-Autoen, no enger éischter Registréierung just nach brauchen de Stecker bei der Luetstatioun eran an erëm eraus ze stiechen. D'Bezuele leeft automatesch iwwert déi bei der Registréierung uginn'e Bezuelmethod of. Esou spuert een Zäit, an et brauch een net méi opzepassen, wéi eng d'Luetstatiounen, wéi eng Bezuelmethode fuerderen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi steet de Minister zum Plug&Charge-System?
2. Wéi vill Bornen zu Lëtzebuerg ënnerstetzen haut dëse System?
3. Wéi steet de Minister zu enger EU-wäiter obligatorescher Aféierung vun esou engem System?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député